## **<u>Statioun 1 : Deng Bezéiung zur Gesellschaft</u>** *(net besat)*

> *« Auge um Auge –*
> *und die ganze Welt wird blind sein »*
> (Mahatma Gandhi)

**Aufgab :**

- ✓ Klamm an d'Hiel (= Iglu), déi eis Gesellschaft duerstellt, a lee dech op Carrymat/Decken.
- ✓ Kuck ronderëm dech a looss dësen Ausschnëtt vun der Welt op Dech wierken !
- ✓ Schreif duerno deng Gefiller a Gedanken dozou op !

| | |
|---|---|
| **→ Mathuelen : eng Tut an e Planz-Dëppchen (= Symbol fir eis Gesellschaft) !** |  |

## Statioun 2 : Deng Bezéiung zum Matmënsch *(besat)*

### Aufgab :

- ✓ An der Mëtt steet en Teller mat Uebststécker (= dat Schéint vun der Welt). Du däerfs sou vill Iesse wéi's du wëlls !
- ✓ Den Hoken / déi eenzeg Konditioun : du muss dës 2 laang Bengelen, un deenen eng Forschette festg emaach ass, benotzen ! Du muss de Bengel hanne beim Still upaken an du däerfs nëmmen eng Hand benotzen !

**Wat ass den Trick ?**
Erziele vum Märchen *Himmel an Häll*.

| | |
|---|---|
| **→ Fëll nach Buedem an däin Dëppchen, als Symbol fir däi Matmënsch / fir déi Leit, déi dir vertraut sinn !** |  |

## **Statioun 3 : Deng Bezéiung zu Dir selwer** ***(net besat)***

*„Ihr solltet euch immer auf euch selbst und nicht darauf verlassen, was andere für euch tun können.“*
(Lord Robert Baden-Powell)

**Aufgab :**

- ✓ Iwwerlee dir deng 5 gréisst Stäerkten an deng 5 gréisst Schwächten ! Schreif se op.
- ✓ Iwwerlee dir, wat dir méi schwéier gefall ass fir ze fannen (Stäerkten oder Schwächten) !

| | |
|---|---|
| → Huel dir e Beemchen, als Symbol fir dech selwer a fir däin Engagement fir « eng besser Welt ».<br><br>→ Planz en an däin Dëppche mam Buedem !<br>Lo huet däi Beemche méi Plaz fir sech ze entfalen ! |  |


## <u>Statioun 4 : Deng Bezéiung zur Ëmwelt</u> ***(besat)***

*„Alles, was nicht natürlich ist,*
*ist unvollkommen !“*
(Napoléon Bonaparte)

*„Bisher mussten wir uns gegen die Natur behaupten. Von nun an müssen wir uns gegen unsere eigene Natur behaupten.“*
(D. Gabor 1900-1979, ungar.-brit. Physiker, Nobelpreisträger 1971)

## Aufgab :

- ✓ Déi deng Schung aus. Du kriss mat engem Foulard d’Aen verbonn.
- ✓ Ech féieren dech duerch e klenge Parcours. Ënnerwee solls du roden, iwwer wats du trëppels. Mat den Hänn solls du och puer Beem asw. taaschten a roden, wéi e Bam et ass (Bich, Eech, Kiefer, ….). Wéi spiert dat sech un ?
- ✓ (Nom Spill) Maach elo mat Waasser/Duch deng Féiss propper. Wéi spiert dat sech un ?

| | |
|---|---|
| **→ Nätz lo mam Waasser, dem Symbol fir d’Natur/Ëmwelt däi Beemchen !** |  |

**Statioun 5 : Deng Bezéiung zur Spiritualitéit** ***(net besat)***

*„Niemand ist sehr gut, wenn er nicht an Gott glaubt und seine Gesetze hält. Deshalb muss jeder Pfadfinder eine Religion haben.“*
(Lord Robert Baden-Powell)

*„Ich glaube, dass Gott uns in diese Welt gesetzt hat um glücklich zu sein und uns des Lebens zu freuen.“* (Lord Robert Baden-Powell)

- ✓ Sëtz oder lee dech op dës extra Plaz (Carrymat/Decken)
- ✓ Versich ze spieren, obs du éischter Angscht hues oder éischter eng Art Urvertraue spiers.
- ✓ Gëff dir bewosst, datt däi Beemchen (sou wéi mir) d’Sonn (also eng Kraaftquell/Symbol fir « Schöpfer ») brauch fir ze wuessen.
- ✓ Maach dir duerno op d’manst 3 Saache bewosst, déi dir am meeschte Kraaft ginn am Liewen !
- ✓ Schreif dir se op.

# Arrivée beim Lagerfeier *(besat)*

## Accueil :

- ✓ Huel dir eng Schneek an eppes ze drénken a setz dech ronderëm d'Lagerfeier.

- ✓ Versich roueg ze bleiwen, bis datt all Leit ukomm sinn.
- ✓ Benotz dëse Moment vu Rou fir un dengem Verspriechenstext/Engagementstext weider ze schaffen. Oder kucke einfach e bëssen an d'Feier !

- ✓ Wann se all do sinn, maache mir eng kleng Engagementsfeier.

- ✓ Duerno gëtt et eppes fir hannert d'Knäpp.